N°7823
Entrée le 27.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An der Chamberssitzung vum 22te Mäerz hat de Mobilitéitsminister gesot, dass et aktuell immens schwéier wier fir Busfirmen hei am Land ze fannen, fir de Schinneverkéier am Norde vum Land z'ersetzen, wärend d'Tunnelaarbechten am Schieburg-Tunnel weiderginn. Dem Minister no sicht de Ministère dofir schonn no Busfirmen an der Groussregioun.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Busfirmen aus der Groussregioun oder aus anere Länner fueren hei am Land regulär oder temporär Buslinnen?
2. Ginn d'Buschaufferen vun dësen Entreprisen och no lëtzebuergesche Standarder bezuelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten